ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnengsbauminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet laut Gesetz vum 24. Februar 1984 dräi administrativ Sproochen an eng Nationalsprooch. Laut Gesetz mussen d'Administratiounen de Leit an där Sprooch (eng vun deenen dräi) äntweren, an där dës sech un si gewannt hunn.

Et schéngt deemno evident, dass Administratiounen an ëffentlech Ariichtungen sech a méi Sproochen un d'Leit riichten, wat jo dann och der vill geluefter Dräisproochegkeet géing entspriechen.

Dëst ass doriwwer eraus besonnesch wichteg, wann et ëm staatlech Subventioune geet fir eng éischter sozio-ekonomesch schwaach Bevëlkerung, wéi et de Fall ass beim subventionéierte Wunnen. An deem Kontext hu vill Leit Schwieregkeeten, wann et ausschliisslech op Franséisch ass, a fillen sech diskriminéiert.

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Wunnengsbauminister:

1) A wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sproochen sinn d'Internetsäite vum Fong fir d'Wunnengswiesen ("Fonds du logement") a vun der nationaler Gesellschaft fir bëlleg Wunnengen (SNHBM)? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?

2) A wéi enger Sprooch oder a wéi enge Sproochen sinn d'Formulairen an d'Verträg vum Fong fir d'Wunnengswiesen ("Fonds du logement") a vun der nationaler Gesellschaft fir bëlleg Wunnengen (SNHBM)? Aus wéi enge Grënn ass sech hei géint aner Sproochen entscheet ginn?

3) Gëtt de Clienten e Choix vun enger Sprooch proposéiert?

4) Gëtt et eng allgemeng Richtlinn fir de Sproochgebrauch?

5) Ass de Minister der Meenung, dass de Sproochgebrauch hei sollt verännert respektiv verbessert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup,
Deputéierten